

solutionun, ouni dass e muss bei anerer heesche goen. Och wann dat net ëmmer bei mir de Fall ass, well ech net ëmmer fënnef Ënnerschrëfte kréien - wat ech bedaue- ren -, esou wäert ech awer ni engem eng Ënnerschrëft verweigeren, egal wien et ass.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Domadder ass déi Resolutionun vun der ADR recevabel, well fënnef Ënnerschrëften drop sinn.

Ech proposéieren der Chamber, dass mer dës Resolutionun direkt op den Ordre du jour huelen a se zur Diskussionun bréngen.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dann huet den Här Henckes d'Wuert, fir seng Resolutionun ze presentéieren.



3. Résolution de M. Jacques-Yves Henckes relative au report du vote sur la proposition de loi N°4909 sur l'euthanasie et l'assistance au suicide

» **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*), *auteur.* - Här President, ons Verfassung gesäit vir, datt, wann an éischter Lecture eng Verfassungsännerung gestëmmt gëtt, dann d'Méiglechkeet vun engem Referendum besteet. Dat heescht, datt op Basis vum Gesetz vun 2005 fënnef Bierger kënnen e Referendum ufroen, datt deen Ablack de Premierminister muss kucken, ob déi Demande recevabel ass, a wa se recevabel ass, da muss déi Prozedur ugoen, fir ze kucken, ob déi Initiativ 25.000 Ënnerschrëfte kéint rassembleieren.

Dat ass eng Méiglechkeet, déi ons Gesetzgebung virgesi ass, an an deem ganze Kontext, wou dat Ganzt sech dérouléiert, kéint et jo sinn, datt esou eng Initiativ géif gemaach ginn.

Et gëtt eng zweet Méiglechkeet, déi ech och ugedeit hat: Iwwert d'Dispens oder net vum Deuxième vote kéint een och nach eng Méiglechkeet hunn. Duerfir wiere mer awer frou, wa mer dat géife maachen, egal wéi eng Décisioun kënn. Déi Resolutionun, déi mer virschloen, décidéiert, fir e Report vum Gesetz iwwert d'aktiv Stierfhëllef ze maachen, soulaang bis mer wëssen, ob e Recours komm ass, an zweetens, wann dee Recours kënn, ob en deen Ablack 25.000 Ënnerschrëfte kritt.

Deen Ablack, wou et feststeet, datt iergendwéi an der Prozedur eppes net géif klappen oder datt déi 25.000 Ënnerschrëften net géifen zesummekommen, da géif bien entendu d'Proposition de loi iwwert d'aktiv Stierfhëllef nees erëm hei op den Ordre du jour vun der Chamber kommen.

Ech wollt nach eng Kéier drop hiweisen, datt, wann et sollt zu 25.000 Ënnerschrëfte kommen, e Referendum misst stattfannen. An dee Referendum kann net méi stattfannen dräi Méint virun de legislative Wahlen. Esou gesäit onst Gesetz dat vir. Wann déi Prozedur géif aboutéieren a wa se géif Realitéit ginn, da wier et natierlech esou, datt dee Referendum net kéint ofgehalen gi bis dräi Méint no de Wahlen.

Duerfir ass et scho wichteg, datt mer dat Ganzt seriö huelen, wat mir ons selwer hei als Prozedure gi bei Verfassungsännerungen. De ganzen Objektiv vun där Resolutionun ass also, deem Rechnung ze doen, net datt mer herno institutionell nees a Schwieregkeete kommen.

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Wie freet d'Wuert zu där Resolutionun?

Den Här Wolter, den Här Fayot, den Här Bausch froen d'Wuert. Fir d'éischt huet den Här Wolter d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Michel Wolter** (*CSV*). - Här President, Madame, Dir Härën, ech géif wëllen am Numm vun der CSV-Fraktioun d'Posi-

tioun vun eiser Fraktioun zu där Resolutionun hei virdroen.

Ech wëll et kuerz maachen an direkt soen, dass mir déi Resolutionun net wäerte stëmmen. Et gëtt hei eng Vermëschung gemaach tëschent zwou Ebene vun Diskussionounen, déi mer net wëlle matenee vermëscht kréien.

Mir si säit de Moie konfrontéiert wuel mat enger Demande vu fënnef Bierger, fir eng Prozedur ze lancéieren am Kader vun engem Gesetz, wat mir am Joer 2005 hei gestëmmt hunn, mä déi Prozedur ass en rapport mam Artikel 34 a mat der Ëmännerung vum Artikel 34, esou wéi d'Chamber en hei gestëmmt huet.

De Lien ze maache mam Ordre du jour vun der Chamber vun dëser Woch an der Fro, ob mer oder ob mer net eng gewësse Gesetzgebung stëmmen, wat den Traitement vum Liewensenn ubelaangt, ass eppes aneschtens. Et soll een déi zwou Saachen net matenee vermëschen. Mir hunn als CSV-Fraktioun iterativ gesot, dass - wa mer och net mat der Proposition de loi Err/Huss d'accord sinn, aus Grënn, déi mer schonn explizéiert hunn an déi mer dës Woch nach wäerten ze explizéiere kréien - mir näischt géife maachen, fir déi Prozedur opzehalen an och net um Enn vun der Prozedur opzehalen, well dat ass e Processus, dee säit annerhallwem Joer leeft, wou all Rapporte vun de Kommissiounen virleien.

D'ailleurs géif och, wa sech 25.000 Leit der Referendumsproposition vun de Moien uschlëssen, net iwwert d'Euthanasie oder d'Liewensenn ofgestëmmt ginn, mä iwwert d'Verfassung, an den Artikel 34 vun där Verfassung haaptsächlech. Den Artikel 34 vun der Verfassung oflehnen, esou wéi d'Chamber en d'lescht Woch gestëmmt huet, géif eis an eng aner Welt erabréngen.

Mir kréien als CSV an deenen nächste Wochen Zäit, fir eis Positioun zum Artikel 34, der Teneur vum Artikel 34, wéi en an engem éischte Vote festgehalen ginn ass, an deene méigleche Konsequenzen, déi et kéint hunn, wann den Artikel 34 an engem Referendum vum Vollek aneschtens géif gesi ginn, duerzeleeën. Mä fir dat eent an dat anert op dësem Niveau mateneen ze vermëschen an doduerch e Lien ze maachen tëschent zwou Prozeduren, dat ass e Wee, dee mir net wëlle matgoen, an dofir stëmmen mir déi Resolutionun hei net.

» **M. le Président.** - Merci, Här Wolter. Den honorabelen Här Fayot huet d'Wuert.

» **M. Ben Fayot** (*LSAP*). - Här President, ech wollt am Numm vun der LSAP soen, dass mer déi Resolutionun vum Här Henckes net wäerte stëmmen. Mir hunn den Ordre du jour vun dëser Woch en pleine connaissance de cause festgeluecht, an och festgehalen, dass mer en Donneschdeg de Moien déi zwee Gesetzer iwwert d'Soins palliatifs an d'Proposition de loi iwwert d'Euthanasie an d'Assistance au suicide hei behandeln, a mir wëllen och, dass dat soll duerchgezu ginn.

Déi Demande fir e Referendum ze maachen ass jo héchstwahrscheinlech, oder esou gutt wéi sécher, geduecht fir déi Révision constitutionnelle zu Fall ze bréngen. Ech wëll dozou soen, dass mir d'lescht Woch hei an dëser Chamber déi Revision vum Artikel 34 mat enger quasi Unanimitéit ugeholl hunn. Déi Révision constitutionnelle ass virgeholl ginn, engersäits op Wonsch vum Grand-Duc selwer, an anerersäits aus der Iwwerzeegung vun dëser Chamber, dass mer den Text vun onser Verfassung mat enger 160-jähriger Praxis an dësem Land wollten openeen ofstëmmen.

An där Situatioun - mat allem Respekt, deen ech fir all déi Leit hunn, déi sech wëlle fir e Referendum asetzen - sinn ech der Meenung, dass mer an enger ganz kloerer Situatioun sinn, wat d'politesch Décisioun iwwert d'Verfassungsännerung ugeet. An ech sinn dofir och der Meenung, dass d'Situatioun esou kloer ass, dass mer mat onsen Aarbechten, souwuel wat d'Verfassungsännerung ugeet wéi och wat déi zwee Gesetzer betrëfft, déi mer nächsten Donneschdeg stëmmen wäerten, solle virufueren. Aus där Ursach si mer géint dës Resolutionun vum Här Henckes.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den honorabelen Här Bausch huet d'Wuert.

» **M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*). - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, déi gréng Fraktioun ass der Meenung, esou wéi déi Gesetzgebung et virgesäit, datt fënnef Bierger d'Recht hunn, an deem heite Fall, eng Referendumsprozedur ze déclenchéieren sous condition selbstverständlech, datt se déi néideg dausenden Ënnerschrëften zesummekréien, déi an der Ge-

setzgebung virgesi sinn. Dat ass deene Bierger hiert Recht.

Si musse wëssen, iwwer wat se hei wëllen ofstëmmen loosse. Si wëllen ofstëmmen loosse iwwer eng Verfassungsännerung, déi d'Chamber an éischer Liesung hei vollzunn huet. An där Verfassungsännerung geet et ëm den Artikel 34 vun eiser Verfassung. Do steet dat dran, wat meng Virriedner och scho gesot hunn. An der Verfassung steet näischt, weder iwwer Palliativmedezin nach iwwer Stierfhëllef. Dat steet an engem Gesetz, wat mer, dat eent mat Sécherheet mat Unanimitéit wäerten dësen Donneschdeg stëmmen, an dat anert, hofft meng Fraktioun, och mat enger Majoritéit wäerte stëmmen. Déi zwou Saachen hu strictement näischt mateneen ze dinn.

De Fall gesat, déi dausenden Ënnerschrëfte kéimen zesummen an et kéim zu engem Referendum, an dee Referendum géif esou ausgoen, datt déi Verfassungsännerung, déi d'Chamber virgeholl huet, doduerjer géif annulléiert ginn, dann ass et esou, datt dat bedauerlech wär. Da wär dann den ausdrécklechen, quasi eenheetleche Vote vun der Chamber, wéi den Här Fayot gesot huet, zu der Verfassungsännerung vum Artikel 34 net vum Vollek esou gesi ginn, wéi mir dat heibanne gesinn hunn. Dat hätt dann awer, der grénger Fraktioun hirer Meenung no, strictement näischt an deem geännert, wat mer dës Woch an der Chamber stëmmen, dat heescht bei der Palliativmedezin respektiv bei der Stierfhëllef.

Dann ass et esou, datt, wann d'Palliativmedezin an d'Stierfhëllef dësen Donneschdeg déi néideg Majoritéiten an dësem Parlament fannen, do misst gehandelt ginn op Basis vum aktuellen Artikel 34, esou wéi en haut besteet, a wou drasteet, datt den Exekutiv all Gesetz, wat dës Chamber stëmmt, muss sanktionéieren a promulguéieren. Zum Exekutiv gehéiert - wéi dat dës Laangen an dës Breeden erkläert ginn ass am Kader vun der Verfassungsdiskussioun, esougutt vun der Chamber wéi och vu Verrieder vun der Regierung - d'Regierung dozou an och de Statschef.

An engem demokratesch gewieltene Parlament, an engem Rechtsstat kann et net esou sinn, datt iergendee Gesetz, wat demokratesch diskutéiert an ofgestëmmt ginn ass vun engem Parlament, net duerno vum Exekutiv sanktionéiert a promulguéiert gëtt. Donc ass et da fir eis kloer, da misst den Exekutiv op Basis vun där aler Gesetzgebung dat virhuelen. Géif en dat net wëlle virhuelen, da misst dat anrieden, wat de Minister, deen an der Regierung fir Verfassungsfroen zoustänneg ass, hei och relativ ditlech erkläert huet, da misst den Exekutiv am Fong seng Demissioun areeche, an da misst et entweder zu enger neier Regierung oder zu Neiwahle kommen.

Dat ass den Zeenario, esou wéi en an engem normalen demokratesche Rechtsstat, bei iergendengem Gesetz, egal wat fir eent et och ass, dat gestëmmt gëtt, virgesinn ass. Ech hoffen, datt mer hei an dësem Land, oder besser gesot, ech si sécher, datt mer hei an dësem Land an engem demokratesche Rechtsstat sinn, an duerfir, kommt mer loosse eis elo net ophalen, a kommt mer loosse eis net duerjernerbréngen, kommt mer respektéieren den demokratesche Rechtsstat an halen d'Prozeduren esou an, wéi mer se virgesinn hunn. Duerfir lehne mir natierlech d'Resolutionun of.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Bausch. Den Här Goerens huet elo d'Wuert.

» **M. Charles Goerens** (*DP*). - Här President, ech mengen an dëser Fro ass alles gesot, just nach net vu jiddwerengem. Ech wollt just am Numm vu menger Fraktioun soen, datt d'Saachen a sech komplizéiert genuch sinn. Wann een den Amalgame mécht, da gi se nach méi komplizéiert, an ech fäerte ganz, datt d'Bierger dobausse Schwieregkeeten hunn, fir dann nach kloerzegesinn an deene ganze Prozeduren.

Ofschléissend wollt ech nach soen, datt mer an der Conférence des Présidents, als sämtlech Fraktiounen, eisen Accord ginn hunn zu deem vun lech virgeschloene Programm fir dës Woch. Et gëtt a sech keen neit Element, well d'Probabilitéit vun engem Referendum, déi war deemools scho ginn. Mir ware bei der Opstellung vun deem Ordre du jour der Meenung, datt dat hei déi richteg Manéier wier, fir ze procédéieren, esou wéi Dir et elo grad virgeschloen hutt, a mir sinn där Meenung och elo nach.

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Merci, Här President. Ech wëll nach eng Kéier kuerz drop hiweisen, ëm wat et eis an dësem pre-

zise Punkt geet. Et geet eis net drëm, fir a priori de Projet iwwert d'Euthanasie dës Woch vum Ordre du jour erofzehuelen. Mir wëlle just op eppes hiweisen, wat kéint Konsequenzen hunn. D'lescht Woch ware mer eis parteiwwergräifend eens, fir eis Constitution relativ séier ze änneren, fir net an eng institutionell Kris ze falen, déi komm wier, wann de Grand-Duc hätt missen, bannent dräi Méint no dem Vote vun deem Gesetz, dat Gesetz sanktionéieren.

Duerfir hu mer eis eng Prozedur ginn, datt mer fir d'éischt d'Verfassung änneren an dann eng Woch duerno d'Euthanasiegesetzgebung, an der Optik, datt dann d'Verfassung definitiv geännert wier, ier déi dräi Méint erëm wieren, wou d'Gesetz misst sanktionéiert ginn. Dat heescht, wann alles normal leeft, ass d'Constitutionun geännert an de Grand-Duc bräicht dann zum Schluss dat Gesetz net méi ze sanktionéieren. Dat ass am Fong déi Prozedur, déi mer eis ginn hunn, a wou mer eis och parteiwwergräifend eens waren.

Elo ass awer gewosst, datt zënter de Moien, wéi elo grad hei gesot ginn ass, fënnef Leit d'Demande un de Statsminister gemaach hunn, fir d'Prozedur ulafen ze loosse fir e Referendum. An an där Optik hu mir gesot, datt ee wuel kéint d'Gesetz hei diskutéieren, mä wann een et da wëllt zur Ofstëmmung bréngen, datt een dann net sollt den zweete Vote constitutionnel maachen, well mir och néierens en Text fonnt hunn, datt deen zweete Vote constitutionnel misst direkt nom Vote gemaach ginn, mä datt een deen zweete Vote constitutionnel géif en suspens halen, wou mer gesot hunn, bis een engersäits weess, ob fënnef Bierger dat gefrot hunn - dat ass elo geschitt -, an een anerersäits am Fong elo déi zweet Etapp ofwaart, ob 25.000 Bierger ënnerschreiwe ginn.

Wa keng 25.000 Bierger ënnerschreiwe ginn, kann d'Chamber éischters dann an dräi Méint den zweete Vote constitutionnel, wat d'Verfassungsännerung ugeet, virhuelen, an da wier de Grand-Duc och aus där Situatioun eraus, datt hie misst sanktionéieren, ier déi dräi Méint ofgelaf wieren.

Kommen awer 25.000 Ënnerschrëften zesummen, si mer der Meenung, datt een net kann den zweete Vote constitutionnel hei an der Chamber virhuelen, well vun deem Datum un déi dräi Méint lafen, mer awer an deenen dräi Méint d'Verfassung net geännert kréien.

Duerfir soe mer, mir kënnen net elo eng Prozedur maachen, wou mer net sécher sinn, ob mer d'Verfassung bannent dräi Méint geännert kréien, mä, wa mer d'Gesetz hei an éischer an zweeter Lecture den Donneschdeg stëmmen, da lafe vun dem Donneschdeg un déi dräi Méint, bannent deenen de Grand-Duc muss sanktionéieren. A wa mer an deenen dräi Méint d'Verfassung net geännert kréien, dann hu mer am Fong dat, wat mer elo wollten évitéieren, nämlech eng institutionell Kris, dann hu mer déi mat där Prozedur provoziert, wou mir dann awer allerdéngs keen Ausgang méi dervu gesinn.

An et ass am Fong just dowéinst, wou mer wëllen dorop opmierksam maachen, datt mer net kënnen hei e Gesetz mat engem zweete Vote a Kraaft setzen, ouni sécher ze sinn, datt mer duerno bannent dräi Méint och ons Verfassung geännert hunn.

Et ass also net, fir datt dat Gesetz net soll op den Ordre du jour kommen. Et ka roueg op den Ordre du jour kommen, et ka souguer an enger éischer Lecture gestëmmt ginn, mä mir sollen net den zweete Vote virhuelen, däärs si mer sécher.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Merci, Här President. Ech hat scho gemengt, Dir hätt mech iwwersinn, wat jo awer guer net esou einfach ass.

Ech wëll emol virausschécken, dass, wann een e Referendum verlaangt, dann ass et net esou, dass et dorëm geet, fir de Vote iwwert den Artikel 34 erëm ze annulléieren. Ech hunn och hei e Referendum verlaangt, fir de Bierger d'Méiglechkeet ze ginn, mat iwwert déi Verfassungsännerungen do ze stëmmen, awer net nëmmen iwwert den Artikel 34, mä iwwert déi gesamt Artikelen, déi nach sollen nokommen.

Dat heescht, et ass also net esou, dass et mir a ganz sécher net deene Leit, déi elo de Moien déi Initiativ ergraff hunn, dorëm geet, de Vote iwwert den Artikel 34 erëm ze annulléieren, mä et geet hinnen dorëm, dass d'Bierger hei am Land hiert Wuert mat schwätze kënnen. An dat ass legitim.

Ech stelle mer scho méi laang d'Fro, wéisou Verschiddener heibannen esou eng Angscht viru Referenden hunn. Vlächst ass et esou, dass se der zweemol an d'Zänn kritt hunn an eng Kéier just derlaanscht-komm sinn. Ech weess et net. Mä op jiddwer Fall ass dat de Bierger hiert gutt Recht, wa se dat verlaangen.

Wat elo de Lien zwëschent de Verfassungsännerungen an dem Gesetz iwwert d'Euthanasie ubelaangt, esou ka jo awer heibanne kee verleugnen, dass déi zwou Saachen e Lien mateneen hunn. Well déi hunn awer esou e Lien mateneen, dass mer doduerjer bal eng institutionell Kris kritt hunn, wéi et esou hei ausgedréckt ginn ass. Dat heescht, ouni d'Agräife vum Grand-Duc hätte mer déi Diskussiounen hei net gehat. Ech sinn och der Meinung, dass hien dat Recht net hat an dass zu Recht den Artikel 34 ëmgeännert ginn ass. Mä ech sinn awer och der Meinung, dass awer d'Leit hätte misse gefrot ginn. Duerfir hunn ech mech och bei deem Vote enthalen.

Meng perséinlech Meinung ass, dass mer déi Verfassungsännerung solle maachen. Mä meng Meinung bleift awer, dass mer sollen e Referendum maachen. Ech sinn och der Meinung, dass een de Vote vum Euthanasiegesetz net soll zrëcksetzen, dass een d'Prozedure soll lafe loossen, esou wéi se lafen. A wann do dertëscht déi Initiativ dann eben dat bréngt, wat erwënscht ass vun hiren Initiatoren, da musse mer kucken, wéi mer virukommen. Mä ech kann net d'accord sinn, dass mer elo schonn am Virfeld eng Ännerung maa-chen, an duerfir wäert ech och déi Resolu-tioun net stëmmen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den Här Goerens huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Ech hunn d'Wuert nach eng Kéier gefrot, Här President, fir lech eng Fro ze stellen. An zwar mengen ech, wier et gutt, wann Dir géift e klärend Wuert schwätzen iwwert d'Fro, ob mer elo hei am Euthanasiegesetz dës Woch an enger éischter oder an enger zweeter Lecture sinn.

» **Plusieurs voix.** - An enger éischter!

» **M. Charles Goerens (DP).** - An enger éischter Lecture. Well den Här Gibéryen huet do Saachen duerjerneegehäit an huet vun enger zweeter Lecture geschwat. Et ass eng éischt. Wann et eng éischt Lecture ass, dann hu mer Recht, dass mer esou procé-déieren, wéi déi Meescht dat hei virge-schloen hunn.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, dass dat eng éischt Lecture ass. Elo huet den Här Stats-minister d'Wuert.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegeen, et ass ongewéinlech, dass d'Regierung sech an eng Fro amëscht, déi parlamentaresch-Pro-zedur-relevant ass.

Ech wollt am Numm vun der Regierung, mä virun allem a mengem Numm e puer Saache soen.

Ech wollt einfach froen, fir dass ech weess, wat ech soll soen, ob een Deputéierten hei-bannen der Meinung ass, dass de Grand-Duc kann ee Gesetz refuséieren, wat d'Chamber gestëmmt huet?

» **Plusieurs voix.** - Neen!

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Wann et also déi unanime Opfaassung vun der Chamber ass, dass de Statschef d'Recht net huet, well hien et ni hat, opgrond vun eiser Verfas-sungspraxis, fir e Gesetz ze refuséieren, wat vum Parlament gestëmmt ginn ass, dann ass d'Beantwortung vun deene Froen, déi hei gestallt ginn, jo relativ einfach.

Hei gétt d'Fro gestallt, ob een de Vote iw-vert déi Proposition de loi d'Stiefbeglee-dung betreffend soll aussetze bis hannert deem Moment, wou ee weess, ob et zu en-gem Referendum iwwert d'Verfassungsrevi-sioun kënn.

Wa mer zu 60 - an d'Regierung schléisst sech deem in corpore un - der Meinung sinn, dass de Statschef, deen ech respek-téieren an dee mer gär hunn, d'Recht net huet, engem Gesetz seng Approbatioun, dat heescht seng Sanktioun a seng Ënner-schrëft ze verweigeren, an an Zukunft just seng Ënnerschrëft, mä net noutwendeger-weis seng Approbatioun, da ka jo d'Cham-ber hiren Ordre du jour, hir Aart a Weis fir ze verfuere, net ofhängeg maache vun där Fro, ob et zu engem Referendum kënn oder net.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ce serait la démis-sion du Parlement devant je ne sais pas quoi.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Duerfir sinn ech der Meinung - mä et geet mech näischt un, well d'Parlament ass hei souverän tätég, mä ech hunn nach eppes mat deem Land hei ze dinn -, dass d'Chamber et soll maachen, wéi se et fir richtig fënnt, et ze maachen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Mir schwätzen hei iwwer eng Fro, déi huet guer näischt mat der Euthanasie ze dinn a mat där Gesetzes-propositioun iwwert d'Euthanasie. Mir schwätzen hei iwwer eng prinzipiell Fro.

D'Parlament an d'Regierung sinn der Mee-nung, an iwwregens och de Statschef, dass hie kee Gesetz ze approvéieren huet. Dat maache mer zënter 160 Joer esou.

Est-ce qu'il y a une raison de le changer? Il n'y en a aucune!

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Mir sinn der Mee-nung, dass mer dat elo sollen an den Text schreiwen. A mir ware largement unanime hei an der Chamber, fir dat esou ze maa-chen.

Ech verstinn d'Fro duerfir net ganz gutt, déi hei gestallt gétt. Ech versti se net. Ech wëll hei d'Chamber ënnerscheede gesinn - ech soen dat frëndlech - tëschtent der inhalt-lecher Fro Euthanasie a Stiefbegleitung an der prinzipieller demokratescher Sub-stanzfro, ob Jo oder Neen d'Chamber hei décidéiert oder net.

Ech sinn nodrécklech der Meinung - duerfir hu Generatioune gekämpft -, dass et um fréi gewieltene Parlament ass, fir seng Mee-nung ze imposéieren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - An duerfir hätt ech gärden, dass d'Chamber deementsprie-chend géif agéieren.

Dem Här Gibéryen seng Fro, ob et richtig oder falsch wier - mä do muss ech mech nu wierklech eraushalen -, dass d'Chamber deem Vote, dee se kann huelen - ech ken-nen dee Vote inhaltlech net -, d'Dispens vum zweete Vote gétt, fir déi Verfassungs-kris ze évitéieren, déi mer zesumme wollten évitéieren, ass eng Fro, déi ech der Cham-ber, wann et dorëm geet, fir se ze beäntwer-ten, iwwerloossen.

Et ass net domm, fir dat esou ze maachen. Wann een, trotz dem Versuch eng Verfas-sungskris ze verhënneren, awer an eng Ver-fassungskris erarent, dann ass dat, wat den Här Gibéryen hei seet an der Fro Dis-pens vum zweete Vote duerch d'Chamber selwer, mengen ech, eng Fro, déi sech stellt, mä dat ass eng Fro, well ech d'Verfas-sung an d'Parlament respektéieren, an déi ech mech net wëll amëschen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Interruption)

» **M. le Président.** - Ech soen dem Statsminister Merci fir déi Wierder, déi hien hei un d'Chamber adresséiert huet. Ech hunn op dem Gros vun de Bänken total Zoustëmmung gesinn zu deem, wat de Statsminister hei ausgefouert huet.

Elo freet den Här Gibéryen nach eng Kéier Parole après ministre. Här Gibéryen, Dir hutt d'Recht dozou.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll just kuerz agoen op déi Fro, déi den Här Statsminister hei esou ge-nerell an de Raum gestallt huet, ob d'Cham-ber der Meinung wier, oder ob een hei-banne wier, deen net der Meinung wier, da sollt hie sech mellen, dass, wann d'Chamber e Gesetz stëmmt, dat Gesetz dann esou misst a Kraaft trieden.

Dat ass eng Fro, déi berechtegt ass, a wou ech fir mech perséinlech soen: Jo, da muss et a Kraaft trieden. Wat mir awer elo hei-banne soen a mengen, an dat, wat an der Constitutioun steet, dat kënnen awer oft zwou Saache sinn. Et steet an der Constitu-tioun, et stoung nun emol eben dran, dass de Grand-Duc d'Gesetzer sanktionéiert.

Wann hien net dat Recht hätt, fir se ze sank-tionéieren, da bräichte mer jo och d'Verfas-

sungsännerung net ze maachen. Mä mir maachen déi Verfassungsännerung, fir aus där konstitutioneller Kris erauszekommen. Duerfir ass et einfach e Fait, ob mir elo hei-banne wëllen oder ob mir net wëllen, et ass e Fait, et steet an der Constitutioun, dass de Grand-Duc d'Gesetzer muss bannent dräi Méint sanktionéieren, oder, wann hien et net mécht, da muss hien et argumentéieren.

Also seet d'Verfassung ganz kloer, dass de Grand-Duc dat Recht huet. Ob mir elo ane-rer Meinung sinn oder net, dat spillt keng Roll. Et ass e Fait, dass et esou an der Constitutioun steet, an ech mengen, och all Deputéierte misst ee kënnen d'Fro stellen, ob mer heibannen der Meinung sinn, dass mer eis missten un d'Constitutioun halen oder net.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibé-ryen. Den Här Statsminister huet d'Wuert nach eng Kéier.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Parole après Mon-sieur Gibéryen, wéi dat laut dem Reglement geet. Ech stelle fest, dass et en unanimité Wonsch vun dësem Haus ass, an d'Regie-rung schléisst sech deem Wonsch un, dass ee Gesetz, wat hei am Parlament gestëmmt ginn ass, muss a Kraaft trieden. Doriwwer si mer eis eens.

Wann dat esou ass, muss ee sech deemtent-sprechend behuelen. Ech weess och, dass de Buschtaf vun der Verfassung seet, dass de Grand-Duc muss sanktionéieren. Ech weess awer och, dass mer zënter 160 Joer een Averständnis tëschtent der Kroun an dem Haus hunn, an der Regierung, dass dat net esou ass.

An der Verfassung steet och net, dass d'Re-gierung muss ee Gesetz dem Grand-Duc virleeën, wat Dir gestëmmt hutt. Weist mir emol deen Artikel an der Verfassung, wou steet, dass de Statsminister dem Grand-Duc muss ee Gesetz an d'Ënnerschrëft leeën, wat Dir hei gestëmmt hutt! Deen Arti-kel gétt et net. Wat géift Dir mam Statsmini-ster maachen, wann deen e Gesetz, wat Dir hei stëmmt, dem Grand-Duc net géif vir-leeën? Dat heescht, da géif ech d'Ver-trauen, an d'Regierung mat, dat mengen ech, entzu kréien. Nimools géif et mir an de Sënn kommen, ee Gesetz, wat d'Chamber gestëmmt hätt, dem Grand-Duc net zur Ën-nerschrëft virzeleeën.

J'en conclus, dass, wann d'Verfassungs-spraxis wëllt, dass d'Regierung all Text, deen heibannen zur Gesetzeskraaft kënn, muss dem Grand-Duc virleeën, ansonsten d'Regierung d'Vertraue vun dësem Haus verléiert, de Grand-Duc par prolongement du raisonnement, evidentement, muss esou engem Gesetz souwuel seng Approbatioun wéi och seng Promulgatioun ginn. An Zu-kunft reservéiere mer dat fir d'Promulga-tioun. Mir streiden hei, schéngt et, ëm d'Hoer. En fait streide mer ëm Prinzipien, fir déi dëst Haus zënter 160 Joer steet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Statsmi-nister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kom-men elo zum Vote iwwert d'Resolutioun vun der ADR. Kënnen mer par main levée ofstëm-men?

(Négation)

De Vote électronique ass gefrot. Da maache mer dat.

Vote

D'Resolutioun vun der ADR ass ofgelehnt mat 56 Nee-Stëmmen, bei 4 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydie Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Co-lette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger,

Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Den Här Statsminister huet d'Wuert gefrot.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech weess net, ob een d'Wuert nom Vote däerf froen.

» **M. le Président.** - Ech sinn haut terri-bel tolerant,...

(Hilarité)

...well mir sinn an enger delikater Situatioun an dofir solle mer eis haut Zäit huelen, fir dat ze diskutéieren, wat usteet.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, ech war Fraktiounssekretär, ech kennen also d'Prozedure vun der Chamber ganz gutt, mä ech konnt leider nach ni hei sëtzen; mä dat ass fir geschwënn, wéi et schéngt.

Ech wollt déi Kollegee froen, déi hei derfir gestëmmt hunn...

(Interruptions)

Enfin, dat ass net zur Freed vun der Regie-rung, wann ech hei sëtzen.

(Hilarité)

Mä ech géif hei sëtzen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Well ech fannen, et ass eng Eier, dësem Haus unzegehéie-ren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech wollt déi Kol-leege froen, déi der Meinung sinn, mir sol-len dat esou maachen, wéi se an hirer Re-solutioun proposéiert hunn, ob déi eigent-lech, falls et zu engem Referendum géif kommen, déi Leit, déi dee gefrot hunn, géi-fen ënnerstëtzen. Ech hunn dat iwwregens selwer proposéiert an der leschter Regie-rung, géint vill Stëmmen an der Regierung géint déi Léisung, an et ass ënnert dëser Regierung gestëmmt ginn, géint vill aner Meinungen an deene Regierungskresser, dass fënnef Leit kënnen ee Referendum froen, wa se 25.000 Ënnerschrëfte kréien.

Nennt mer emol eng Verfassung an Europa, wou et dat gétt, esou eng Invitatioun, dass d'Vollek sech selwer iwwert d'Verfassung ka befaassen! Wou gétt et dat nach? Gétt et dat an der Belsch? Gétt et dat an Holland? Gétt et dat an Däitschland? Gétt et dat a Frankräich? Gétt et dat a Spuenien? Gétt et dat an Irland? Gétt et dat an Island? Wou gétt et dat? Hei gétt et dat!

Well ech fannen, dass d'Leit d'Recht hunn, sech iwwert d'Grondgesetz ze äusseren.

Ech wëll déi froen, déi elo gefrot hu fir dee Vote iwwert déi Gesetzer, déi hei litigiéis be-handelt ginn, aussetze bis nodeem déi Fro gekläert ass, ob si dann der Meinung sinn, falls et zu engem Referendum kënn, dass een déi, déi de Referendum froen, déi also géint den Text sinn, deen d'Chamber gestëmmt huet, soll ënnerstëtzen? Ob se dee Referendum ënnerstëtzen, inhaltlech, also wëllen hunn, dass d'Lëtzebuurger soen, de Grand-Duc huet d'Recht, ee Ge-setz ofzelehnen, Jo oder Neen?

Ech wollt dat just wëssen, well ech ëmmer gäre weess, woumat ee sech an deenen nächste Wochen ze beschäftegen huet. Déi, déi der Meinung sinn, dass d'Geset-zespropositioun soll méi spéit ofgestëmmt ginn, sinn déi der Meinung, dass d'Cham-ber Recht hat, oder ënnerstëtze se dat, wat déi Leit verlaangen, déi de Referendum froen, déi also do dergéint sinn? Ën-nerstëtze se dat oder d'Chamber?

Den Här Gibéryen hat mer scho geschéngt dorop geäntwert ze hunn, mä et wier esou schéin, wann hien dat nach eng Kéier géif soen.

» **M. le Président.** - Här Statsminister, mir verstinn Är Fro. Ech weess net genee, a

wéi enger Prozedur mer dra sinn, mä wann den Här Gibéryen hei op eng däitlech Fro, déi gestallt ginn ass, wëllt äntwerten, dann huet hien elo d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President, fir lech aus där Zwéckmillchen erauszehuelen, froen ech einfach Parole après ministre, nach eng Kéier. Dat Recht hunn ech ëmmer, wann ee Minister geschwat huet. Da si mer erëm an enger Prozedur dran, an d'Regierung huet ëmmer d'Recht, fir d'Wuert ze froen, esou datt mer also komplett konform zu eiser Prozedur sinn.

Ech géif hei wëlle prinzipiell soen, datt mir als Partei, wéi mer mat dem Statsminister a mam Här Frieden zesummesouzen, en Engagement geholl hunn, a mir hunn och d'lescht Woch hei bei deem Vote dat Engagement zum Ausdrock bruecht, wéi mer fir déi Verfassungsännerung gestëmmt hunn. Ech hunn och elo grad hei gesot, datt ech der Meenung sinn, datt ee Gesetz, wat d'Chamber stëmmt, muss a Kraaft trieden. Ech mengen, domat ass eis Positioun kloer.

Mir sinn awer hei an enger Prozedur, déi mir eis als Chamber ginn hunn, wéi mer d'Prozedur, fir d'Verfassung ze änneren, geännert hunn. Virdu ware bei enger Verfassungsännerung ëmmer Chamberswahlen. A wéi mer déi Prozedur geännert hunn a gesot hunn, d'Chamber kann zu all Moment d'Verfassung änneren, mä mir mussen en éischten an en zweete Vote maachen, wou dertëschent mussen dräi Méint leien, do hu mer gesot, wa mer net méi iwwert d'Wahlen d'Bierger froen, kréien d'Bierger dann d'Méiglechkeet, bannent deenen dräi Méint, a virgeschriwwenen Délaien, zu fënnef Stéck e Referendum unzufroen, a wann da 25.000 Leit ënnerschreiwen, da fënnt de Referendum statt. Mir sinn also an där Prozedur, déi mir eis um Niveau vun der Verfassung a vun engem Gesetz ginn hunn.

Dat heescht an anere Wieder, Här President, datt hei am Fong d'Vollek d'Recht huet, fir an esou enger preziser Fro wéi där doten de Pouvoir, wann et wëllt, erëm bei sech zrëckzehuelen. Dat kënne fënnef Bierger maachen, a wa 25.000 Stéck ënnerschreiwen, dann hëlt an där heiter Fro vun der Verfassungsännerung d'Vollek de Pouvoir bei sech zrëck. An dat, wat dann am Referendum decidéiert gëtt, dat ass dann decidéiert an ersetzt den zweete Vote vun der Chamber, vun der Constitioun.

Här Statsminister, ech géif mer ni erlaben - ech weess net, wéi Dir et maacht -, mä ech géif mer ni erlaben, an esou enger Prozedur, wou d'Verfassung an d'Gesetz seet, et ass elo um Vollek, fir d'Initiativ ze huelen, an et ass um Vollek, fir ze decidéieren, fir do dem Vollek wëlle Virschréften ze maachen, wéi et soll stëmmen. Mir wäerten eis, vun eiser Säit aus, weder positiv nach negativ dozou äusseren. Et ass un de Leit...

(*Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence*)

» **M. le Président**.- Wann ech gelift!

» **Une voix**.- Dir sollt lech schummen!

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et ass un de Leit am Land - laacht Dir roueg! -, et ass un de Leit am Land selwer ze decidéieren, ob se deen dote Wee wëlle goen, mat all deene Konsequenzen am Positive wéi am Negativen. Dat ass jiddefalls vun eiser Säit ganz kloer.

(*Interruptions diverses*)

» **M. le Président**.- Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Entschëllegt, Här President, dass ech siichtbar Är Gedold strapazéieren.

(*Hilarité*)

» **M. le Président**.- Neen.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Den Här Gibéryen an déi aner Kolleegen hunn d'éinescht gesot, si wieren der Meenung, dass d'Chamber d'Gesetzter stëmmt.

» **Une voix**.- Voilà!

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Wann et elo zu engem Referendum kënnt - ech war derfir, dass déi Méiglechkeet géif opgemaach ginn, well mer d'Prozedur vun der Verfassungsännerung geännert hunn. Fréier ass d'Parlament opgeléist ginn, elo muss een de Leit d'Méiglechkeet ginn, sech selwer ze prononcéieren -, falls et zu deem Referendum kënnt, wat ass dat da fir eng Fassong, fir Waasser ze zéien?

(*Hilarité*)

» **Une voix**.- D'Chamber huet Faarf bekannt heibannen.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech kann akzeptéieren, wann ee géif, wat ech net suggérieren - et ass jo eng Fro, déi ee sech ka stellen, well d'Meenungen esou wäit auserneeginn -, e Referendum iwwert d'Euthanasie maachen. Da kéint ech verstoen, dass een net seet, wat ee selwer denkt, well dat jo och fir den eenzelne Lëtzebuerger esougutt eng Gewëssensfro ass wéi fir den eenzelnen Deputéierten. Et wier net absurd, fir all Lëtzebuerger zum Deputéierten ze maachen an esou enger Fro. Mä dat ass eng Fro, déi mech näischt ugeet. Dat ass eng parlamentaresch Fro, déi iergendwann muss kënne beäntwert ginn.

Mä wann et ëm d'Verfassung geet, ëm d'Prinzipië vum Stat, ëm d'Aart a Weis wéi de Stat fonctionnéiert, da kann een dach net soen, dass d'politesch Parteien, an déi, déi d'Pretentioun hu wéi Dir, ech contestéieren lech déi jo net, fir hei am Land wëlle matzeregéieren, wann ee wëllt regéieren, a wann ee wëllt parlamentéieren, da muss een de Leit soen, no wat fir Regeln dass ee mengt dass dat ze geschéien huet.

Mir sinn heibannen - Dir, net d'Regierung, mir si jo Sklave vum Parlament -,...

(*Hilarité*)

...d'Parlament ass hei fir ze soen, no wat fir enger demokratescher Choreographie hei am Land gedantz gëtt! An da kann een net soen, ech sinn derfir, dass d'Chamber decidéiert, mä Dir maacht, wat Der wëllt. Wat maacht Dir dann, Dir, déi Dir der Meenung sidd, d'Chamber soll decidéieren, wann d'Leit géifen decidéieren, de Grand-Duc kéint decidéieren, wat Gesetz a wat net Gesetz hei am Land wier? Wie sidd Dir eigentlich, dass Dir de Leit net sot, wat Dir denkt? Wie sidd Dir, dass Dir de Leit dräi Saache sot, fir dass d'Leit net verstinn, wourëms et hei geet?

Hei geet et net ëm d'Euthanasie! Hei geet et ëm d'Prinzipien, d'Grondprinzipië vum Rechtsstat!

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Sou, elo kritt den Här Gibéryen nach eng Kéier d'Wuert, an dann ass déi Diskussioun domadder ofgeschloss. Ech mengen, d'Haltung vum Statsminister, wat hie gesot huet, ass kloer an däitlech an eendeiteg, a mir kenne seng Positioun. Elo den Här Gibéryen nach eng Kéier an dann ass d'Debatt eriwwer. Här Gibéryen, wann ech gelift.

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Här President. Ech wëll nach eng Kéier ganz kuerz rappeléieren, datt mir heibanne Faarf bekannt hunn. Ech wëll dat nach eng Kéier soen.

» **Une voix**.- Macht dat och dobaussen!

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ass dat heiten net dobaussen? Ech mengen, wa mer hei eppes soen, dann ass et wierklech dobaussen.

(*Interruptions et coups de cloche de la Présidence*)

Zweetens wëll ech soen, datt eng Rei vu Leit, déi fir e Referendum sinn, net onbedéngt duerfir och anerer Meenung wéi d'Chamber sinn. Et sinn och Leit, déi e Referendum wëllen an awer géifen déi Verfassungsännerung stëmmen. Et kann een also elo net higoen, datt ee seet, datt jiddwereen, dee fir e Referendum wier, anerer Meenung wier wéi d'Chamber. D'Chamber huet jo bekannt, wéi se, mengen ech, mat 59 oder 56 Jo-Stëmme bei enger Enthalung, zu där Verfassungsännerung do steet. Domat huet d'Chamber vis-à-vis vum Land gesot, dat do ass eis Meenung. A wann d'Leit anerer Meenung sinn, da muss se dat zum Ausdrock bréngen, mä si kënnen awer och an engem Referendum zum Ausdrock bréngen, datt se dat, wat d'Chamber decidéiert huet, duerch hire Vote ënnerstëtzen.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, mir stelle fest, dass den Här Gibéryen, falls et

zu engem Referendum kënnt, de Lëtzebuerger recommandéiert, den Text, deen d'Chamber à la presque'unanimité votéiert huet, unzehuelen an net ze rejetéieren.

(*Brouhaha*)

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President, ech wollt just soen, datt den Här Statsminister bis haut nach ëmmer net meng Gedanke ka liesen.

(*Brouhaha*)

» **M. le Président**.- Voilà, sou, Dir Damen an Dir Hären...

(*Interruptions diverses*)

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech mengen, dass d'Lëtzebuerger dem Här Gibéryen seng Gedanke ganz gutt liese kënnen.

» **M. le Président**.- Sou, Dir Dammen an Dir Hären, elo ass dës Diskussioun ofgeschloss. Mir hu jo de Vote geholl. D'Resolutioun vun der ADR ass ofgelehnt mat 56 Nee-Stëmmen, bei 4 Jo-Stëmmen. Domat ass dee Punkt gekläert.

Mir kommen elo zum nächste Punkt vun eise-m Ordre du jour vun haut de Mëtteg, dat sinn déi zwee Projeten iwwert dee sougenannte Paquet fiscal. Et huet elo d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi 5913, den honorablen Här Lucien Thiel. Här Thiel, wann ech gelift.



4. 5913 - Projet de loi

- portant révision du régime applicable à certains actes de société en matière de droits d'enregistrement

- portant transposition de la directive 2008/7/CE du Conseil du 12 février 2008 concernant les impôts indirects frappant les rassemblements de capitaux

- modifiant: • la loi modifiée du 7 août 1920, portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc. • la loi modifiée du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif • la loi du 22 mars 2004 relative à la titrisation • la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque (SICAR) • la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep • la loi du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés

- et abrogeant la loi modifiée du 29 décembre 1971 concernant l'impôt frappant les rassemblements de capitaux dans les sociétés civiles et commerciales et portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement

5924 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

- de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 sur l'impôt commercial communal;

- de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur cer-

tains intérêts produits par l'épargne mobilière;

- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauche de chômeurs;

- de la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale;

- de la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes;

- de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur bancaire;

- de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement;

- de la loi modifiée du 9 juillet 1937 concernant l'impôt sur les assurances;

- de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif

Rapport de la Commission des Finances et du Budget du projet de loi 5913

» **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Damme Ministeren, Dir Häre Ministeren, et kënnt ee sech natierlech e bëssen niewent dem Dill vir, wann een no deem héichfléienden Débat, dee mer elo haten, erëm an d'Nidderunge vun dem Alldagsgeschäft muss erofkommen a sech muss mat esou eppes Prosaeschem erëmschloe wéi Steuerfroen. Mä mir kommen och net laanscht déi.

Däerf ech och nach drun erënneren, datt mer vun enger Kris bei déi aner kommen, datt mer och nach eng aner Kris hunn, an datt mer och net däerfe vergiessen, datt mer déi eng Kéier musse bewältegt kréien. Ech hoffe just, datt mer keen Zweek- oder Dräifrontekrich kréien, well déi si bis elo nach ëmmer schif fir déi ausgaangen oder falsch fir déi ausgaangen, déi se ugeziedelt hunn.

Et maach elo vläicht e bësse komesch umudden, wann de Stat grad dann, wann d'Zäite schlecht sinn an d'Sue rar ginn, fräiwëlleg op bestëmmte Recettë verzicht. Mä, wann een domat Schlëmmeres verhenere kann, wéi zum Beispill eng Rezesioun, da mécht dat Ganzt dach scho Sënn. Dat nennt een dann antizyklesch Politik, eng Politik, wéi se elo e bëssen iwwerall bedriwwen gëtt, fir der Wirtschaftskris d'Spëtzt ofzebriechen.

Déi eng probéieren et mat punktuelle Milliardsprëtzen, wéi d'Amerikaner am Moment mat hirer Automobilindustrie, anerer, wéi eis däitsch Noperen, denken iwwer Geldbongen no, déi u jiddwer Einzelne verdeelt solle ginn, fir datt de Konsum a Schwong gehale gëtt. An da gëtt et schliesslech och nach déi klassesch Method, déi vun de Steiererlichterungen, entweder fir d'Betriben oder fir d'Privatleit, oder nach besser, entweder oder fir se allen zwee, also souwuel fir déi eng wéi fir déi aner. D'Regierung huet sech fir déi lescht Method entscheed an e Steuerpak ficeléiert, iwwert dee mir haut hei decidéiere sollen.

Well mir zwou grouss Steierkategorien hunn, nämlech déi vun den direkten a vun den indirekte Steieren, an entspriechend och zwou verschidde Verwaltungen, fir sech drëm ze këmmen, ass de Pak och an zwee gespléckt ginn. Mat engem méi décke Stéck, dat vun der Steierverwaltung kënnt, an dat mäi Kolleeg Laurent Mosar lech elo gläich presentéiere wäert, an da mat engem méi klengen, dat am Gaart vum Enregistrement gewuess ass, an dat ech lech elo däerf kuerz virun A féieren.

Et sief gläich viorewech gesot, datt dat, wat am Projet 5913 mat deem ellelaangen Intitulé steet, weder eng Iwwerraschung ass nach eppes, wat d'Leit dobausse begeeschtere wäert. Well et geet, éischstens, ëm d'Ofschafe vun enger méi wéi 200 Joer aler